# Mobilitéitsetüd SüdenMam Auto bis an d'Aktivitéitszon an zréck

Den Auto ass souzesoen de meeschte Mataarbechter an den Aktivitéitszonen am Süden hiert léifste Kand.

Esou kann ee ganz graff resuméiert d'Resultat vun der Mobilitéitsetüd resuméieren, déi de Fuerschungsinstitut Liser am Optrag vum Nohaltegkeetsministère, dem Gemengesyndikat Pro-Sud an dem Verkéiersverbond duerchgefouert huet. Analyséiert gouf dat individuellt Fuerverhale vun de Leit, déi an enger vun den 25 Aktivitéitszonen am Süden, vu Rodange bis eriwwer op Diddeleng, schaffen an d'Politik vun de concernéierte Patronen am Beräich vun der Mobilitéit. Eng grouss Inconnu bis elo.

Um Dënschdeg goufe elo um Belval d'Resultater presentéiert. Wéi gesot dominéiert den Ament largement den Auto bei de Mataarbechter. 88% vun de Befroten fuere mam Auto oder der Camionnette op d'Schaff, just 5% gräifen op den ëffentlechen Transport zeréck an 8% maache Carsharing.

Beim Nohaltegkeetsministère ass een iwwert d'Resultat weider net iwwerrascht. De Conseiller de gouvernement an der Landesplanung Frank Vansteenkiste féiert dat ënnert anerem op déi spezifesch Besoine vun de Mataarbechter vun de villen Industrie- oder Baufirmen zeréck. Bei isoléierten Industriezone misst een dowéinst bescheide bleiwen. Dat géif awer net heeschen, datt ee lo wéilt einfach d'Hänn an de Schouss leeën. Dacks kennen d'Leit d'Alternativen net. D'Flexibilitéit vun den Horairen an d'Disponibilitéit vun den Infrastrukturen an de Gemengen ass och nach kloer ze verbesseren.

Bei der Etude huet iwwregens net grad een Drëttel vun alle Betriber matgemaach. An zwar haaptsächlech déi méi grouss. Bei de Mataarbechter loung den Taux bei 16%. 1.349 Leit. Fir déi Responsabel sinn dat der awer genuch, fir allgemeng Léieren aus der Enquête ze zéien.

Retrouvez les interviews audio sur http://www.rtl.lu/auto/1077729.html